leed, datt dat méi spéit ginn ass. Déi war administrativ net esou schnell gelaf, wéi se hätt solle lafen. Also et freet, fir hei dann e puer Explikatiounen ze ginn.

Éischtens wëll ech dem Här Berger soen, datt mer 2000 en Audit gemaach hu vum CITA. En Audit, dee sengerzäit gewisen huet, datt de CITA en technologesche System wär, deen op an evolutiv wär, an deen och sengerzäit all déi Perspektive festgeluecht huet, déi mam CITA kéinten erreecht ginn, esou datt ech net mengen, datt elo momentan en zousätzlechen Audit eis vill géif bréngen.

Ech wëll awer soen, datt momentan de CITA, esou wéi en elo konzipéiert ass, haaptsächlech als e Sécherheetssystem fonctionnéiert, deen eis erlaabt, op deene sensibele Plazen, wou en eng Iwwerwaachung, eng Surveillance mécht, extrem schnell reaktiv ze ginn, anzegräifen, d'Sécherheetskräften dohinner ze schécken, dann, wann eppes virkënnt, dann, wa mer se brauchen. An dat ass och déi essenziell Fonctioun, vun där ech mengen, dass de CITA se an enger éischter Etapp muss erfëllen.

An deene leschte Joren ass am CITA vill dru geschafft ginn, fir déi nei Deeler - d'Saarstrooss 2003, d'Nordstrooss 2007, dat, wat mer opgemaach hunn -, an haaptsächlech déi Équipements électromécaniques an déi Sécherheet an den Tunnelen, déi bäikomm sinn, esou ze integréieren, datt mer och do dat an deene Formen integréieren, déi eis déi Reaktiounen erlaben, déi mer mussen hunn, wa Sécherheetsfroe sech géife stellen.

Elo sinn awer selbstverständlech an Zukunft eng Rei Développementer méiglech an noutwendeg - oder noutwendeg a méiglech; wéi Der et wëllt huelen.

Et muss ee wëssen, datt an deenen nächste Joren och de CITA nach wäert zousätzlech chargéiert gi mat der Surveillance vum Tunnel Grouft, vum Tunnel Stafelter, vum Tunnel Micheville, wat och wesentlech grouss elektromechanesch Systemer sinn, wou d'Sécherheet muss kontrolléiert a surveilléiert ginn, datt mer och an der Fro vun der Verbreederung vun den Autobunne mat enger Gestioun vun dem öffentleche Verkéier, deen op d'Standspuren deemno wéi ka lafen, och wäerten de CITA an Zukunft fuerderen, datt mer iwwert de CITA en elektromechanesche System hunn, deen den öffentleche Verkéier deemno wéi op de Standspuren opmécht. Och dat ass eng Gestioun, eng Missioun, déi de CITA an Zukunft muss iwwerhuelen.

Dat, wat Dir gemengt hutt, dat ass, datt ee kann op de Brëttellen haaptsächlech, wann eropgefuer gëtt, och d'Mise en place vun enger Rei Signalisatiounssystemer maachen, fir, wa Stauen op der Autobunn sinn, d'Leit net eropzeloossen. Och dat ass eng Evolutioun, déi méiglech ass. Se gëtt awer eréischt richteg sënnvoll, wann een och ka soen, wann d'Autobunn voll ass, wou den Automobilist da soll hifueren, wat fir en anere Wee e soll huelen. Or, dat ass net ëmmer zu Lëtzebuerg an deem Sënn méiglech, well, wann d'Autobunn verstoppt ass, och normalerweis déi aner Weeër souwisou och verstoppt sinn, esou datt et zwar sënnvoll ass als Informatioun, mä net ëmmer als Verkéierleedungssystem, well dat schwéier en place ze setzen ass.

Et muss och um CITA eng Refonte vum Réseau de transmission gemaach ginn. Do si mer mam ACL an engem relativ gudde Kontakt an och amgaang ze kucken, fir all déi Informatiounen op de GPS bei d'Leit ze kréien, well dat nach méi schnell effikass ass wéi d'Annoncen op den Entréeë vun den Autobunnen. Ech denken, datt mer do och relativ kuerzfristeg wäerte kënne Resultater hunn.

Schlussendlech muss och nach de Remplacement scho vun deene vétusten Équipementer gemaach ginn.

Den Audit ass do, an all déi Aarbechten, déi an deenen nächste Jore musse kommen, sinn och relativ kloer determinéiert. Mir wëssen, wou mer wëllen higoen. Mir wëssen, wat mer solle maachen, mä et ass enorm vill an der Evolutioun, wat do muss gemaach ginn.

Duerfir hu mer an deem Ponts-et-Chaussées-Gesetz, wat mer an deenen nächsten Deeg wäerten hei an der Chamber déposéieren - et ass elo schonn duerch de Conseil gaangen -, och virgesinn, datt d'Administratioun opgestockt gëtt zu deem néidege Personal, wat mer brauchen, fir déi do Saachen ze maachen.

Haaptsächlech, an dat ass dat Wesentlechst, ass an deem Gesetzestext virgesinn, datt eng nei Divisioun geschaaft gëtt bei de Ponts et Chaussées, déi dann haaptsächlech als Missioun huet, sech also spezifesch ëm d'Exploitatioun vun der Grande voirie an d'Gestion du trafic ze bekëmmeren.

D'Ponts et Chaussées ass net nëmmen eng Administratioun, déi Stroosse baut, mä muss méi wéi jee an Zukunft eng Administratioun sinn, déi och an der Gestion du trafic eng wesentlech Roll ze spillen huet.

Merci.

M. le Président.- Merci, Här Minister Wiseler. Domat, Dir Dammen an Dir Hären, ass dëse Punkt vun eisem Ordre du jour ofgeschloss. Mir kommen zum nächste Punkt, dat ass d'Diskussioun iwwert de Projet de loi 5903, eng Direktiv iwwert de Schadstoffregister. D'Wuert huet elo de Rapporteur vun dësem Projet, den honorabelen Här Negri.

7. 5903 - Projet de loi

a) concernant certaines modalités d'application et la sanction du règlement (CE) N°166/2006 du Parlement Européen et du Conseil du 18 janvier 2006 concernant la création d'un registre européen des rejets et des transferts de polluants et modifiant les directives 91/689/CE et 96/61/CE

b) portant création d'un registre national des rejets et des transferts de polluants

c) modifiant l'article 15 de la loi modifiée du 10 juin 1999 relative aux établissements classés

Rapport de la Commission de l'Environnement

M. Roger Negri *(LSAP), rapporteur.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wéi wäit kënne mer d'Loft, d'Waasser an de Buedem belaaschten, ouni der Gesondheet vum Mënsch an der Natur ze schueden?

A wat fir engem Mooss kënne mer Offäll vun enger Plaz op déi aner transportéieren, ouni doriwwer Rechenschaft ofleeën ze mussen?

D'Zil vun dem Projet de loi vun haut ass et, dës Problematik an de Grëff ze kréien. Heifir gëtt vun der Europäescher Kommissioun no enger harmoniséierter Method en europäesche Register geschafen, deen opgrond vun engem nationale Register oder Inventaire, wann Der esou wëllt, all Joer zesummegestallt gëtt.

De Projet de loi 5903 huet zwar nëmme véier Artikelen, schreift sech awer, wéi aus deem grad Gesoten ervirgeet, a méi e breeden ëmweltrelevante Kontext an. Zënter Jore verfollegt d'Europäesch Unioun eng Politik, déi als Zil huet, déi Emissioune vu staark ëmweltschiedleche Substanze besser ze kontrolléieren an ze reduzéieren, an dëst ënner enger unifizéierter Form, déi derfir suergt, dass et innerhalb vun der Europäescher Unioun net zu Wettbewerbsverzerrunge kënnt.

D'EU-Regelunge konzentréiere sech dobäi engersäits op e Katalog vu Schuedstoffer wéi zum Beispill Treibhausgasen, Schwéiermetall oder kriibserregend Stoffer, an anerersäits op bestëmmten industriell Aktivitéiten, déi a besonneschem Mooss fir esou Emissioune responsabel sinn. Hei ginn Technologien agesat, déi permanent evoluéieren, an duerfir musse mer eis Gesetzgebung regelméisseg upassen, fir mat dëser Entwécklung Schrëtt ze halen.

Här President, de Projet de loi 5903 erméiglecht déi Prémisse hei zu Lëtzebuerg ëmzesetzen, an domat d'Bestëmmunge vum EU-Reglement 166/2006 anzehalen. D'EU-Reglement gesäit vir e Register ze schafen iwwert d'Emissiounen, respektiv den Transfert oder den Transport vun ëmweltschiedleche Stoffer. An deem Kontext gëtt och d'Kommodo-Inkommodo-Gesetzgebung geännert.

Ulass fir dëst EU-Reglement waren zwee international Accorden. Éischtens, d'Aarhus-Konventioun vum 25. Juni 1998, déi de Bierger e systematescht Recht op den Zougang zu Ëmweltinformatiounen an op d'Participatioun gëtt, mat der Méiglechkeet rechtlech Schrëtter ze ënnerhuelen, fir dës viru Geriicht anzekloen. Zweetens huet d'europäesch Gemeinschaft am Mee 2003, zesumme mat der UNO, e Protokoll ënnerschriwwen, fir e gemeinsame Register vum Ausstouss respektiv Transfert vu Schuedstoffer ze schafen.

Allgemeng gëtt dëse Protokoll PRTR-Protokoll genannt, vum engleschen „Protocol on Pollutant Release and Transfer Registers". Den europäesche Register, deen am Kader vum EU-Reglement 166/2006 de 7. Februar 2006 geschafe gouf, geet iwwert dat eraus, wat de PRTR-Protokoll virschreift, well en eng Rei vu Substanze matabezitt, déi scho virdrun iwwer aner EU-Gesetzer eng wichteg Roll spillen, zum Beispill am Beräich vum Waasserschutz. Ausserdeem si verschidden Délaie méi streng ugeluecht, fir dass d'Bierger och an der Praxis e reellen Afloss op d'Schuedstoffpolitik huele kënnen.

(M. Jos Scheuer prend la Présidence)

De Register, dee geschafe gëtt, ass fir d'EU-Staten näischt komplett Neies. De PRTR-Register ersetzt dee bestehenden EPER-Register „European Pollutant Emission Register". Dat iwwerschneit sech mat den Aktivitéiten, déi schonn an der sougenannter IPPC „Integrated Pollution Prevention and Control"-Direktiv festgehale goufen, mä geet awer och doriwwer eraus. De PRTR-Register ëmfaasst deemno méi Substanzen a méi Type vun Aktivitéiten.

Här President, de PRTR ersetzt also den aktuellen EPER-Register duerch de PRTR-Regime, dee fir d'éischt 2009 publizéiert gëtt op Basis vun den Donnéeë vun 2007. Aus wat bestinn dann elo déi Haaptënnerscheeder zu deem aktuellen EPER-Register, par rapport zu deem neie PRTR-Register? Éischtens, d'Unzuel vun de Schuedstoffer, déi gemellt musse ginn, gi vu 50 op 91 eropgesat. Zweetens, d'Unzuel vun elo 56 IPPC-Aktivitéite ginn op 65 eropgesat. Drëttens, niewent den Emissiounen an d'Loft, an d'Waasser, sinn am PRTR och elo d'Emissiounen an de Buedem unzeginn. Véiertens, de PRTR gëtt elo all Joer à jour gesat, anstatt wéi bis elo all dräi Joer beim EPER. Fënneftens, nei derbäi kënnt d'Erfaasse vum Transfert oder den Transport vun Offäll vum Betribsstanduert bei Quantitéite vun zwou Tonne pro Joer fir geféierlech Offäll, an 2000 Tonne pro Joer bei net geféierlechen Offäll. Sechstens a leschtens, nei ass och d'Bedeelegung vum Public fir Informatiounen ze kréien am Sënn vun der Aarhus-Konventioun.

Nei Betriber, déi am PRTR par rapport zum aktuellen EPER derbäikommen, si Steecarrièren a Kläranlagen, wa se 100.000 Awunnergläichwäerter dépasséieren. Fir Lëtzebuerg ass dat déi Beggener Kläranlag fir d'Stad Lëtzebuerg an d'Ëmgéigend. Hei zu Lëtzebuerg sinn domat 44 Betriber fir dat éischt Referenzjoer 2007 am PRTR betraff, an dat mat 49 Aktivitéiten.

Dat sinn am Detail fënnef Energiezentrale mat sechs Aktivitéiten, 17 Metallveraarbechtungsbetriber mat 21 Aktivitéiten, sechs Steebroch- a Carrièresbetriber, zwee Chemiesbetriber, fënnef Müll- a Kläranlagen, een Holzveraarbechtungsbetrib, sechs intensiv Schwéngszuchtbetriber, ee Mëllechproduktiounsbetrib an ee Betrib mat „Traitement de surface" vu Materialien.

Här President, den Haaptgedanken, ëm deen et bei dësem Projet de loi geet, ass jo fir propper Loft, proppert Waasser a proppere Buedem ze suergen. Fir lech eng Iddi ze ginn, wou d'Grenzwäerter vun den Haaptschuedstoffer am Beräich Loft, Waasser a Buedem leien, déi der Europäescher Kommissioun via den nationale Register gemellt musse ginn, wëll ech lech e puer vun deenen Haaptschwellewäerter ernimmen, déi pro Aktivitéit oder pro Betrib bei enger Aktivitéit net däerfen dépasséiert ginn.

Éischtens, am Beräich Loft, do sinn et manner wéi 100.000 Tonne pro Joer fir de Kuelendioxid, CO_2 also, 100.000 kg pro Joer fir d'Stickoxiden, 50.000 kg pro Joer fir de Feinstaub, de PM10, zéng bis 200 kg pro Joer fir verschidde Schwéiermetaller. Hei als Beispill, fir de Quecksëlwer sinn dat zum Beispill zéng Kilo pro Joer, an dann e lescht Beispill, fir d'Loft 0,1 Gramm pro Joer fir Dioxinen a Furanen. Zweetens, am Beräich Waasser sinn dat manner wéi 2.000 Tonne pro Joer fir d'Chloriden, 50.000 kg pro Joer fir de Gesamtstéckstoff, 200 kg pro Joer fir d'Zomm vum Benzol, Toluol, Éthylbenzol a Xylol, ofgekierzt BTEX, an als lescht Beispill 0,1 Gramm pro Joer fir Dioxinen a Furanen. An dann drëtten a leschte Beräich, am Buedem sinn et manner wéi 50.000 kg pro Joer fir de Gesamtstéckstoff, zéng bis 100 kg pro Joer fir verschidde Schwéiermetaller. An hei erëm erausgegraff de Quecksëlwer, beim Quecksëlwer am Buedem ass dat ee Kilo pro Joer, an als lescht 0,1 Gramm pro Joer fir Dioxinen a Furanen.

Här President, wéi fonctionnéiert dann elo an der Praxis d'Transmissioun vun den Donnéeë vum Exploitant, fir den nationale Register opzestellen an doraus deen europäesche Register? D'Exploitantë vun deene 44 Betriber notifiéieren all Joer hir Donnéeën, soit un d'Ëmweltverwaltung, soit un d'Waasserwirtschaftsverwaltung, en fonction vun hire respektiven Aktivitéiten. Duerno koordinéiert d'Ëmweltverwaltung dës Donnéeën an e Registre national, deen all Informatioune fir de Registre européen enthält. D'Ëmweltverwaltung ass domat och den Uspriechpartner a responsabel vis-à-vis vun der Europäescher Kommissioun fir d'Fiabilitéit vun den Donnéeën.

D'Donnéeën iwwert d'Schuedstoffer an den Transfert vun Offäll ginn op elektroneschem Support an enger transparenter Form publizéiert. Den Avis dozou gëtt a véier Dageszeitunge publizéiert, déi et dem Public erlabe während mindestens engem Mount déi néideg Informatiounen ze fannen an, wann néideg, zousätzlech Donnéeën oder Informatioune vun der Ëmweltverwaltung ze froen.

Am Registre national musse folgend Donnéeën obligatoresch stoen: Éischtens, den Numm vum Betrib an de Standuert. Zweetens, d'Aktivitéite vum Betrib. Drëttens, de Propriétaire respektiv den Exploitant oder d'Société. Véiertens, d'Zort vu Schuedstoffer oder Offäll, jee nodeem. Fënneftens, a wat fir engem Distanzberäich d'Schuedstoffer rejetéiert ginn, a sechstens, d'Destinatioun vun den Offäll déi transportéiert gi sinn.

Mat Hëllef vun der europäescher Ëmweltagence stellt d'EU-Kommissioun der Öffentlechkeet dës Informatiounen a Form vun engem harmoniséierte Register zur Verfügung. Fir den Zougang méiglechst einfach ze halen, gëtt, wéi gesot, dës Datebank iwwer Internet publizéiert. Am Prinzip ginn all Informatioune veröffentlecht, esou wéi et an der Aarhus-Konventioun virgesinn ass. Wann awer eenzel Informatiounen, aus rechtleche Grënn, net kënne publizéiert ginn, muss dee betraffene Stat d'EU-Kommissioun dorop opmierksam maachen an de Grond fir dës Confidentialitéit uginn.

Här President, Lëtzebuerg muss, wéi déi aner Staten och, eng éischte Kéier all dës Donnéeë bis Mëtt, allerspéitstens bis Enn dëses Joers 2009 eraginn, wéi gesot mat de Referenzwäerter vum Joer 2007.

An der Ëmweltkommissioun sinn eng Rei Froen opkomm, well den zäitleche Kader, fir d'EU-Bestëmmungen anzehalen, relativ kuerz ass. Esou mussen d'Betriber hir Donnéeë bis spéitstens den 1. Mäerz 2009 eraginn hunn. Vum Ministère krute mer awer verséchert, dass d'Betriber en Deel vun deenen Donnéeë scho weiderginn hunn an dass och kuerzfristeg nach Réunioune mat deene betraffene Betriber virgesi sinn, fir sécherzestellen, dass alles an deene gefuerderten Délaien oflafe kann. Och um informateschen Niveau mussen déi néideg Adaptatioune schnell gemaach ginn, fir dass dat Ganzt klappt.

Eng aner Fro betrëfft d'Sanktiounen. D'EU-Reglement schreift vir, dass all Memberstat Sanktioune virgesäit fir déi Betriber, déi sech net un déi nei Modalitéiten halen. Dës Sanktioune ginn am Artikel 3 vum Projet de loi festgehalen. Si betreffen awer net nëmmen d'Dispositiounen aus dem EU-Reglement, mä no enger Propos vum Statsrot och d'Dispositiounen aus deem betreffende groussherzogleche Reglement. Zum Zäitpunkt, wou d'Ëmweltkommissioun de Rapport ugeholl huet, louchen hir dës Ausféierungsbestëmmungen awer nach net vir.

Mir hunn an der Ëmweltkommissioun dorop insistéiert, dass dëst Reglement mam neie Gesetz gläichzäiteg a Kraaft triede soll. Mir kruten an deem Sënn Satisfaktioun, dass de Règlement grand-ducal gëschter vun eisem Ëmweltminister Lucien Lux an der Ëmweltkommissioun presentéiert gouf, a mir soen him duerfir Merci.

Als Rapporteur sinn ech frou, dass mir dëse Projet de loi der Chamber innerhalb vun engem kuerzen Délai virleeë konnten, well d'Prozeduren, déi hannendru kommen, schnell ulafe mussen. Konkret ausgedréckt, huet eisen Ëmweltminister dëse Projet de loi den 9. Juli 2008 deponéiert. Den 11. November 2008 huet d'Chamber den Avis vum Statsrot kritt. Virdrun haten och d'Chambre des Métiers, d'Chambre de Travail an d'Landwirtschaftskummer hiren Avis ofginn, woubäi se allen dräi mam Projet de loi d'accord waren. D'Ëmweltkom-

missioun huet dës Dokumenter dunn direkt den 19. November analyséiert an de 15. Januar 2009 ass de Rapport vun der Ëmweltkommissioun ugeholl ginn.

Domat ginn ech den Accord vu menger Fraktioun zu dësem Projet de loi a soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci, Här Negri. Den éischten ageschriwwenen Diskussiounsriedner ass den Här Marcel Oberweis. Här Oberweis, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

M. Marcel Oberweis *(CSV)*.- Merci, Här President. Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Här Minister, am Ufank wëll ech dem Rapporteur, dem honorabelen Här Roger Negri, Merci soe fir säin nun dach wierklech ausféierleche schréftleche Rapport an och elo mëndlech virgedroene Rapport. Do war bal alles dran. Dat war, wéi Dir sot, staark.

Mat dësem Gesetzesprojet, mat deem mir eng weider europäesch Direktiv ëmsetzen, maache mir och e weidere Schrëtt a Richtung vun der nohalteger Entwécklung vun onser Gesellschaft. Dass de Beräich vun der Protektioun vun onser Ëmwelt ëmmer méi an de Mëttelpunkt vun onsen Diskussiounen eraréckelt, gesäit een un dësem Gesetzesprojet, deen elo schonn de Règlement grand-ducal aus dem Joer 2006, ganz genee vum 31. Juli, ausser Kraaft setzt. De Register, PRTR genannt, baséiert op deeneselwechte Prinzipie wéi den EPER. Hie verlaangt awer nach méi Informatiounen iwwer Schuedstoffer, iwwert d'Aktivitéite vun onse Betriber a méi Informatioune fir de Public.

An dësem Zesummenhang wëllt d'Europäesch Kommissioun, an enker Kooperatioun mat der Europäescher Ëmweltagence vu Kopenhagen, all Informatiounen iwwert d'Emissiounen, och aus diffuse Quellen, an de PRTR ophuelen. Et ass net ëmmer einfach, diffus Quellen ze erfaassen, mä hei gëtt awer e weidere Schrëtt gemaach, fir dat ze erreechen.

D'Haaptelement an dëser europäescher Direktiv stellt ouni Zweifel an den Ae vun der CSV den Accès vun den Ëmweltinformatioune fir de Bierger duer. Et ass wichteg, dass d'Bierger opmierksam gemaach ginn op d'Schied, déi eventuell duerch d'Betriber an aus diffuse Quellen op si erafale kënnen. Hinne mussen all déi relevant Informatiounen aus de sozialen, de gesondheetsschiedegenden an de wirtschaftleche Beräicher zougänglech gemaach ginn. Dat ass jo eng Fuerderung vun der sougenannter Aarhus-Konventioun, déi mir virun zwee Joer ënnerschriwwen hunn.

Doriwwer mussen awer all Ustrengungen ënnerholl ginn, fir d'Bierger nach méi fir hir Ëmwelt ze sensibiliséieren. Esou kënne mir derfir suergen, dass d'Agréffer op ons dräi Liewensressourcen, dat ass de Buedem, d'Loft an d'Waasser, wuel net op null reduzéiert kënne ginn - dat kënne mer net maachen, soss misste mer all Aktivitéiten astellen -, mä mir musse se reduzéieren.

Fir dass sech awer ons Betriber dësem Gedanken nach méi unhuelen, soll dee Register geschafe ginn, an deen all d'Polluanten ageschriwwe ginn, déi op déi dräi Liewensressourcen awierke kënnen. Dat sinn all Dreifhausgasen. Dat sinn d'Polluanten, déi de sauere Reen ervirruffen. Dat sinn déi Substanzen, déi ons Ozonschicht verdënnen. Dat sinn d'Dioxinen an d'Furanen an doriwwer eraus och d'Schwéiermetaller.

Deen nationale PRTR-Register muss sech dofir streng un d'Virgabe vun dem europäesche PRTR ulehnen, fir dass déi Donnéeën an den Datebanken och matenee verglach kënne ginn. En effet, all déi Informatiounen, déi aus de Betriber no bausse gedroe kënne ginn - ech soen: kënne ginn -, mussen op engem Internetsite dem Public gratis zur Asiicht virleien.

Et ass hei wichteg drop hinzeweisen, dass d'Bierger an engem fréie Stadium och agebonne kënne ginn, andeem si hir Observatiounen, hir Informatiounen, hir Analysen an och Avisë kënnen erandroen. A wann ee weess, dass sech mëttlerweil scho 44 Betriber mat ronn 49 verschiddenen Aktivitéiten hei bedeelegen, da kann een d'Ampleur vun der europäescher Direktiv moossen. De Rapporteur ass do am Detail op déi eenzel Punkten agaangen. Ech erspueren lech dat hei an der zweeter Lecture dann.

De PRTR huet awer och nach eng weider Komponent. Duerch hie soll derfir gesuergt ginn, dass an de Betriber alles ënnerholl gëtt fir d'Ëmweltbelaaschtung dauerhaft ze reduzéieren. Dat geet iwwert d'Recherche an iwwert den Développement. An do kënnen och ons Universitéit an ons CRPe mat agespaant ginn.

Wann ee sech de Gesetzesprojet genau ukuckt, da gesäit een an der Annex 1 eng ganz Rei vu Betriber, déi an dës Direktiv falen. Et sinn der méi wéi am EPER virdrun. Duerfir mécht et och elo Sënn, all Betriber ze encouragéieren, notamment déi, déi mengen, si kéinte sech hei eraushalen, sech verstäerkt fir den Ëmweltschutz anzesetzen. Genau wéi si dat maachen am Beräich vun der Protektioun vun hire Mataarbechter a vun de Mënschen. Dat ass gutt esou, well soss missten a mussen déijéineg, déi no ons kommen, an engem duebele Mooss derfir blechen oder belaascht ginn.

Well de Rapporteur Roger Negri op all déi aner Punkte vun der Direktiv wierklech am Detail agaangen ass, wëll ech dann zum Schluss kommen. D'CSV-Fraktioun steet zu dësem Gesetzesprojet aus dem Beräich Ëmweltschutz an ech bréngen och hiren Accord mat eran a soe Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci, Här Oberweis. Den nächste Riedner ass den Här Eugène Berger.

M. Eugène Berger *(DP)*.- Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech wéilt dem Rapporteur och Merci soe fir säin ausféierleche mëndlechen a schréftleche Bericht. Et ass net einfach, fir nom Rapporteur an och nom Marcel Oberweis zu esou engem Sujet nach vill Neies bäizedroen.

Et ass gewosst, datt et also hei ëm d'Exekutioun vun engem europäesche Reglement geet. Am Fong vun der Saach si mer eis sécherlech alleguerten eens an dat kann och eis Zoustëmmung fannen. Haaptsächlech wéilt ech nach eng Kéier erausstäichen, datt hei och deen Aspekt vun der besserer Informatioun oder Méiglechkeet vun Informatioun vum Bierger am Ëmweltberäich soll garantéiert ginn. Dat ass eng gutt Saach, eng richteg Saach, déi mer ënnerstëtzen.

Op där anerer Säit eben och, datt hei d'Betriber sech bewosst musse sinn, datt se mussen all déi Donnéeën eraginn, fir eben dee klore Register kënnen opzestelle vun de Polluanten, déi an d'Loft, an d'Waasser oder an de Buedem kënne gelaangen.

Ech wéilt mech op zwou, dräi kleng Remarquë beschränken, déi déi praktesch Ëmsetzung betreffen, hei zu Lëtzebuerg haaptsächlech. Dat ass op där enger Säit, datt mer knapp Délaien hu fir dat elo ëmzesetzen - dat ass och scho gesot ginn - an datt een also muss wëssen, datt hei d'Verwaltunge musse fit gemaach ginn, respektiv ass dat och ëmgedréit d'Fro: Sinn d'Verwaltunge fit, hu si dat néidegt Personal fir dat kënne schnell an effizient ze maachen, well si och vill aner Aarbechten hunn?

Dat hunn ech schonn hei op der Tribün gesot: Bei all neier Direktiv gesi mer jo, et ass fir aner Länner vläicht, déi honnerte vu Beamten hunn, kee Problem, wann eng nei Direktiv muss ëmgesat ginn. Hei zu Lëtzebuerg, mat deene wéinege Leit, déi mer an der Verwaltung hunn, déi awer ganz effizient schaffen, kënnt all Kéiers eng zousätzlech Belaaschtung op eis zou.

Dozou dann déi konkret Fro, wéi mer personalméisseg dofir gerüst sinn.

Eng zweet Remarque ass eng, déi och mat der Ëmsetzung respektiv mat der Organisatioun vun deem Ganzen hei zu Lëtzebuerg ze dinn huet. Et ass jo esou, datt d'Betriber hei mussen déi Polluanten am Endeffekt un zwou Verwaltunge weiderginn: déi eng, déi zoustänneg ass fir d'Waasser, déi aner an zwar d'Ëmweltverwaltung, fir de Rescht. Ech mengen, datt dat keng gutt Saach ass, éischtens net am Sënn vun der Simplification administrative, vun där jo vill geschwat gëtt, mä och net am Sënn vun der Saach insgesamt.

Et muss ee sech also iwwerleeën, ob et net awer méi sënnvoll wier vun der Saach, awer och vun de Prozeduren hier, wann dat Waasserwirtschaftsamt och an den Environnement géif integréiert ginn. Ech mengen, dat ass och eng Saach, mat där sech wahrscheinlech d'Parteien an deenen nächste Wochen a Méint sollen ausenanersetzen, fir an Zukunft dann ze kucken, wa mer hei zu Lëtzebuerg nom 7. Juni d'Land oder d'Departementer nei organiséieren, fir datt een do dann och géif dat Waasserwirtschaftsamt op déi Plaz zréckféieren, wou et higehéiert, nämlech an den Environnement.

Dës Remarque gemaach, wéilt ech awer den Accord vun eiser Fraktioun zu dësem Projet de loi abréngen.

Ech soen lech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci, Här Berger. Et ass kee Riedner méi ageschriwwen. D'Regierung huet d'Wuert.

D'Regierung verzicht op d'Wuert. D'Diskussioun ass domadder ofgeschloss a mir kommen dann zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 5903. Den Text steet am Document parlementaire 5903[7].

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi 5903 ass eestëmmeg ugeholl mat 59 Jo-Stëmmen, ouni Abstentioun an ouni Nee-Stëmm.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement (par M. Marcel Oberweis), Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Haupert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar (par Mme Martine Stein-Mergen), Marcel Oberweis, Gilles Roth, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler (par M. Norbert Haupert) et Michel Wolter (par M. Patrick Santer);

MM. Marc Angel, Alex Bodry (par M. Roger Negri), John Castegnaro (par M. Roland Schreiner), Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;

MM. Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, M. Fernand Etgen, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Paul Helminger, Alexandre Krieps (par M. Fernand Etgen), Claude Meisch et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira (par M. Claude Adam), Jean Huss (par Mme Viviane Loschetter), Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

M. Aly Jaerling.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou décidéiert.

Dir Dammen an Dir Hären, mir sinn um Schluss vun der Sitzung ukomm. Mir komme muer de Mëtteg nees zesummen um hallwer dräi.

D'Sitzung ass opgehuewen.

(Fin de la séance publique à 16.53 heures)

Chamber TV

Chambre des Députés
LUXEMBOURG

um Réseau vun der Eltrona / Siemens (imagin)

um Kanal S40 / 455.25 Mhz

um Réseau vun der Coditel

um Kanal S 29

och an der Rediffusioun all Sëtzungsdag vun 19:00 Auer un